N°325
Entrée le 15.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Aarbechtsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n° 325 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zum Sujet "Congé politique dans le cadre d'une mesure en faveur de l'emploi"**

**Fro 1**

De Congé politique gëllt net fir Persounen, déi an enger Aarbechtsmesure bei der ADEM ageschriwwe sinn, well all déi Mesuren nët op engem Aarbechtskontrakt baséieren, mee op Kontrakter *sui generis*, esou wéi dat och vun den verschiddene Geriichtsinstanzen e puer Mol festgehale ginn ass.

Just am Kader vun deenen sougenannte Mesures spéciales (MS), déi op engem richtegen Aarbechtskontrakt baséieren (CDD), quitte dass d'Bénéficiairen dovunner och weider bei der ADEM ageschriwwe bleiwen, ass den Demandeur d'emploi e Salarié, dee vun deenen normale Congés extraordinaires a spéciaux ka profitéieren.

Bei enger *Occupation temporaire indemnisée* (OTI) oder engem *Contrait d'appui-emploi* (CAE), *Contrat d'initiation à l'emploi* (CIE), *Stage de professionnalisation* (SP) oder *Contrat de réinsertion-emploi* (CRE) ass dat net de Fall, an dofir ass de Congé politique hei och net applicabel.

**Fro 2**

Et ass aktuell net geplangt, d'Base légale deementspriechend unzepassen, fir dass Leit, déi an enger Mesure d'emploi sinn, vun de Congés extraordinaires kënne profitéieren.

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden